CSV DIPPECH

Betten, Dippech, Sprénkeng, Schuller

Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Dippech

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Dippech

D'Haus Forrett ass ofgerappt ginn. Wat soll dat?

Eng vun den éischten Décisiounen vun der neier Majoritéit war fir d'Haus Forrett, wat niewt dem Gemengenhaus stung, an enger „Nacht und Nebel" Aktioun ofzerappen. D'Gemengeréit vun der CSV a vill Bierger aus eiser Gemeng verstinn déi Entscheedung net!

D'Gemeng hat d'Haus Forrett kaf

Nom Doud vun der Propriétärin vum Haff Forrett, hunn déi wäitleefeg Ierwen de ganze Besëtz ëffentlech versteeë gelooss. Den deemolegen CSV-Schäefferot huet e puer Stonnen virun der Stee, a voller Transparenz, de Gemengerot zësumme geruff fir, Majoritéit an Oppositioun, driwwer ze diskutéieren ob d'Gemeng deen Terrain vun 24,43 Ar, mat de Gebaier soll versichen ze kafen. D'Conclusioun vun alle Conselljeeën war, datt et eng eemoleg Geleeënheet wier fir den Terrain direkt nierwt der Gemeng an dem Parc an de Gemengebesëtz ze kréien an esou Plaz ze hunn fir mëttel- a laangfristeg d'Gemengeninfrastrukturen auszebauen. Och gouf am Gemengerot e maximale Präis festgehaal, deen d'Gemeng bereet wär ze bezuelen.

D'Wunnhaus, wat an der Bausubstanz ganz gesond war, a wou den Daach och nach gutt war, hat grouss Raimlechkeeten, déi no enger Renovatioun zu villen Zwecker hätte kënne genotzt ginn an hätt wéinstens nach 20 Joer laang gutt Déngschter kënne leeschten. Fir d'Diskussioun am Gemengerot sachlech kënnen ze féieren, hat d'Gemeng eng détailléiert Expertise maache gelooss vun engem Expert en bâtiment / Expert judiciaire. Hei e puer Auszich aus dem Rapport:

Op Basis vun deem Extrait aus der Expertise gesi mir datt d'Ofrappe vun dem Haus Forett e Verloscht vun 381.100 € am Patrimoine vun der Gemeng duerstellt (488.600 – 107.500).

D'Bierger, déi sech fir de kompletten Text vun der Expertise interesséieren, kënnen op dem Internet-Site vun der CSV-Dippech (www.dippach.csv.lu) d'ganz Etude liésen.

Point 3: Etat général, vétusté

Propriété immobilière se trouvant actuellement dans un état encore acceptable. Les éléments portants sont assez solides et la remise en état pourra se limiter dans un premier temps au seul réaménagement interne de la partie dite «maison d'habitation».
…
A noter que les toitures peuvent continuer à servir dans leur état actuel.
…

Point 6. Evaluation

6.1. Valeur du terrain

Maison/place: 12,60 ares × 52.000,–	= 655.200,–
Terrain attenant 11,83 ares × 10.000,–	= 118.300,–
	Total: 773.500,–

6.2. Valeurs matérielles des constructions

Valeurs à neuf et moins-values pour vétusté actuelle (estimées à):

Maison d'habitation: 1.396 m³ × 350,–	488.600,–
Vétusté: 22 %	–107.500,–

Benotzungsméiglechkeeten an noutwendeg Investissementer am Haus

Déi al CSV-Majoritéit hat folgend Pläng am Haus Forrett:

- De Service vun de Blutanalysen, dee momentan an der Spillschoul ass, sollt do eraus geholl ginn, well et sech hei nëmmen ëm eng Noutléisung handelt, an hei ënnerbruecht ginn
- E Bureau fir den „office social" ariichten wou d'Leit kéinten empfange ginn
- De selwechte Bureau sollt och vum Energieberoder, dee stonneweis den Awunner vun eiser Gemeng zur Verfügung steet, genotzt ginn, dëst am Kader vun Eco-Center Bascharage-Dippach
- E grousse Versammlungsssall am Living (+ 50 m²) dee mir e.a. der Amiperas fir hir Kaffisstuff, de lokale Veräiner an de Gemengekommissiounen fir hir Versammlungen, a.s.w. zur Verfügung stelle wollten
- Um éischte Stack wollte mir e.a. der Archivekommissioun wéi de Veräiner aus eiser Gemeng Plaz maachen fir hiert Material a gudde Bedingungen ënner ze kréien.

Fir d'Haus zu dësen Zwecker a Stand ze setzen wier e Budget vun ongefëier 150.000 € néideg gewiescht. Verschidden Aarbechten, wéi z.B. den Ustrach hätt kënne vun de Studenten an der grousser Vakanz gemaach ginn.

Fortsetzung Säite 4

Traduction française p. 4

CSV on TOUR

Nom Premier Jean-Claude Juncker senger Ried zur Lag vun der Natioun stinn Iech eis Ministeren an Deputéiert Ried an Äntwert.

Kommt an diskutéiert mat!

Mëttwoch, den 23. Mee um 19.30 Auer

zu Nidderaanwen am Centre culturel „am Sand"

Donneschdeg, de 24. Mee um 19.30 Auer

zu Stengefort am Centre Roudemer (rue de Hagen)

CSV on Tour ass eng Manifestatioun vun der CSV-Fraktioun an dem CSV-Generalsekretariat an Zesummenaarbecht mat den CSV-Bezierker.

Weider Informatiounen op csv.lu

Fortsetzung vu Säit 1

Trauer a Verdrossenheet

Mir waren traureg an enttäuscht wéi mir gesinn hunn, dass d'Haus Forrett ofgerappt ginn ass. Mir sinn iwwerzeegt dass vill vun eise Matbierger dës Gefiller mat eis deelen. Näischt rechtfertegt dëst Handelen, ouni Iwwerleeung, a beweist wéi klatzkäppesch déi nei Majoritéit sech dru gëtt fir alles wat mir gemaach hunn ze zerstéieren.

Verspéidung vun 1 – 2 Joër bei der Schoul mat Maison-Relais

Déi nei Majoritéit huet de Projet vun der Schoul mat Maison-Relais dee virun engem gudde Joer am Gemengerot gestëmmt gi war a wou d'administratif Procéduren elo fäerdeg wiren, gestoppt. Doduerch gëtt de Bau vun der neier Schoul mat Maison-Relais neess 1–2 Joer hannendra gehäit! Dëst zum Nodeel vun eise Schoulkanner!

Transparenz an Demokratie

Anscheinend gingen de Comité vum Léierpersonal an d'Vertriéder vun den Elteren vun de Schoulkanner aus eiser Gemeng un neie Pläng schaffen. D'Gemengconselljeeën, op d'manstdéi aus der Oppositioun, hu bis haut net den Hauch vun enger Informatioun iwwert den aktuelle Projet kritt.

D'Meenung vun der Oppositioun zielt also net. Soll dat éieren d'Transparenz an de Geesch vun der Demokratie sinn, déi déi nei Majoritéit versprach hat?

Démolition de la maison Forrett. Pourquoi?

Malgré l'incompréhension totale des membres CSV du conseil communal et d'une bonne partie de la population, l'une des premières décisions de la nouvelle majorité a été de faire démolir la maison Forrett qui se trouvait sur le terrain adjacent à la mairie.

Acquisition de la maison Forrett par la commune

Après le décès de la dernière propriétaire des lieux, les héritiers lointains avaient mis l'entièreté de la propriété en vente publique. En toute transparence, le collège échevinal composé à l'époque de membres du CSV, avait convoqué tous les conseillers communaux, majorité et opposition, avant les enchères, pour délibérer sur l'opportunité de se porter acquéreur de cette propriété étant donné que le terrain se situe directement à côté de la mairie et du parc public. Le terrain d'une surface totale de 24,43 ares constituait une occasion unique pour agrandir les infrastructures communales à moyen ou à long terme. C'est à l'unanimité, donc également avec les voix du LSAP et du DP, que le conseil communal de l'époque a décidé de participer aux enchères et avait défini la mise maximale.

La maison d'habitation avec sa maçonnerie saine et sa toiture en bon état, représentait un espace, qui après une rénovation se serait prêté parfaitement à servir à de nombreux services communaux pour au moins 20 ans. Avant de délibérer sur l'opportunité d'acheter la maison Forrett, la commune avait fait établir une évaluation détaillée de la propriété, par un expert en bâtiment expert judiciaire assermenté, dont certains extraits, **voir p. 1.**

Au vu de ces extraits du rapport d'expertise il ressort donc que la démolition pure et simple de la maison d'habitation à fait perdre 381.100,– € au patrimoine de la commune (488.600 – 107.500).

Les personnes intéressées peuvent consulter l'entièreté du rapport de l'expert sur le site internet du CSV-Dippach (www.dippach.csv.lu)

Usages possibles et investissements nécessaires pour la rénovation de la maison

L'ancienne majorité CSV envisageait d'y établir:

- Le service de prise de sang actuellement installé dans le bâtiment de l'école préscolaire, qui est un endroit mal approprié pour ce service
- Un bureau pour les consultations des assistants sociaux
- Ce même bureau pour les conseillers écologiques qui seront à la disposition des habitants de notre commune à certaines heures de la semaine (dans le cadre de l'Eco-Center de Bascharage-Dippach)
- Une salle de réunion et de rencontre dans l'ancienne salle de séjour constituée d'un seul espace de plus de 50 m² (salle de rencontre « Kaffeesstuff » pour l'Amiperas, réunions pour comités d'associations locales, réunions des commissions consultatives etc. …)
- Le premier étage aurait pu servir, d'un côté à la commission des archives pour archiver des documents tout comme pour le stokkage du matériel dans de bonnes conditions. L'espace restant à cet étage aurait pu être utilisé par des associations locales.

Un devis portant sur tous les aménagements à faire avait été établi par l'ancienne majorité CSV. Les dépenses nécessaires pour une rénovation correcte se chiffraient à environ 150.000 €. Certains de ces travaux auraient pu être réalisés dans le cadre des «jobs de vacances» par les étudiants de notre commune (peinture etc. …)

Tristesse et amertume

C'est donc avec tristesse et amertume que nous avons assisté à la démolition de la maison Forrett. Ces sentiments sont partagés par un bon nombre de nos concitoyens. Rien ne justifie ce geste mal réfléchi qui démontre l'entêtement de la nouvelle majorité à s'acharner à faire tout différemment.

Retard de 1 à 2 ans pour l'extension de l'école avec maison-relais

La nouvelle majorité a abandonné le projet de l'extension de l'école fondamentale avec maison-relais qui avait été voté par le conseil communal il y a plus d'un an et dont la procédure administrative serait sans doute terminée actuellement. Malheureusement la réalisation des nouvelles infrastructures scolaires prendra de ce fait un retard de un à deux ans! Ceci au détriment des enfants!

Transparence et démocratie

Il semblerait que le comité des enseignants et les représentants des parents d'élèves de l'enseignement fondamental de notre commune contribuent à l'élaboration des nouveaux plans. Les conseillers communaux, du moins ceux de l'opposition, n'ont pas encore eu la moindre information sur l'état actuel du projet.

L'avis de l'opposition ne semble donc pas demandé. Est-ce la transparence et l'esprit de démocratie promis par la nouvelle majorité?

Nouvelles du comité CSV-Dippach

Lors de l'Assemblée Générale de la section locale du CSV, en date du 2 mars 2012 quelques changements sont intervenus:

Deux de nos membres de très longue date, Jacques Peltier et Erny Wesquet ne se sont plus présentés lors des élections du comité.

Jean-Paul Rischard, était président de la section de la commune de Dippach pendant 2 mandats de 6 ans. Malheureusement les statuts du CSV ne permettent pas à un président de continuer à présider la section pendant plus de 12 ans. C'est donc avec grand regret que l'assemblée générale n'a pu confirmer notre ami Jean-Paul à ce poste. Jean-Paul Rischard reste bien entendu membre du comité. Claude Bosseler a pris la relève.

Alphonse Dominicy, vice-président de la section locale depuis de nombreuses années, n'a plus posé sa candidature à ce poste. L'assemblée générale lui a conféré le titre honorifique de sa fonction et nous sommes heureux qu'il ait accepté de rester membre du comité. Les deux nouveaux vice-présidents s'appellent Carlo Neu et Alain Mausen.

Nous les remercions de tout cœur pour l'énorme et excellent travail réalisé par chacun d'eux dans l'intérêt du CSV et de notre section locale.

Neiegkeeten aus dem Dippecher CSV-Comité

An der Generalversammlung vum 2. Mäerz 2012 si verschidden Änderungen am Comité virgeholl ginn:

Zwéin vun eise laangjäehrege Memberen, de Jeky Peltier an den Erny Wesquet hunn hir Kandidatur aus Altersgrënn net méi gestallt.

De Jean-Paul Rischard huet no 2 Mandater vu 6 Joer als President seng Kandidatur net méi konne stellen, well d'CSV-Statuten et net erlaben méi wéi 12 Joer President vun enger Sektioun ze sinn. Mat groussem Bedaueren konnt dofir d'Generalversammlung dem Jean-Paul keen neit Mandat méi uvertrauen. De Jean-Paul bleiwt awer selbstverständlech Member an eisem Comité. He gëtt ersat op sengem Posten vum Claude Bosseler.

Den Alphonse Dominicy, laangjäehrege Vizepresident vun eiser Sektioun, huet séng Kandidatur net méi gestallt. D'Generalversammlung huet him den Éierentitel als Vizepresident unerkannt a mir si frou, dass heen nach als Member am Comité bleiwt. Nei Vizepresidenten sinn de Carlo Neu an den Alain Mausen.

Mir soen hinnen all vu ganzem Häerze Merci fir déi vill an excellent Aarbecht, déi jiddereen vun hinnen an all deene Joeren am Intérêt vun der CSV a virun allem der Dippecher Sektioun gemaach huet.